



Sprooch-Evolutioun?

Dacks en zimlech **bëllegen Ausdröck fir dem Net-Wëssen an der Sprooch-Schludderei souzesoen en Zylinder opzesetzen**. Am selwechte Streech steet, datt een Ausdröck als ver-eelzt, museal, alschléiesch asw. dohinner stellt, déi een net kennt („nach ni héieren“ jo, an?). Mä da misst de „Mëttelefransous“ 60% vum Larousse op d'Schéff schécken, grad ewéi den Englänner den „Oxford“, den Duden op d'mannst „gespléckt“ ginn asw.

Wann een „ausserhalb/ oberhalb“ aplaz „baussent/uewendriwwer“ wunnt, kann eis Sprooch net fir deen Aarmutt, mä de Sprooch-Aarmutt vun deem, deen esou schwätzt. All dat ge-zrécks' aplaz „erëm/hannescht“ huet ganz einfach mat **„Sproochimpotenz“** a soss näischt ze din. An eisem Chamberblietchen huet dir e wonnerbaren Terrain, fir dëses Sproochsport ze spillen...mä dat ass jo alles egal, gelldir. Dajee alt. ☺

Et verwonnert een, wat elo alles dorëmmer „geboost“ gëtt, woubäi déi allermeescht net drun denken (wëssen), datt dee Moudegeck am Fong, wéi sou viles am Engleschen, e Bällchen ass, deen aus dem Franséische vun déisäit dem „grousse Pull“ erëmkent: pousser! Et däerf een sech froen, firwat d'Fransouse gemengt hunn, si missten en „Ordinateur“ aus deem „Computeur“ maachen, deen dach aus hirem an deem romanesche Sproochfong kënn (computare). Wat soll elo bei äis dee Quatsch mat „Bréidercher by, aplaz **vum Karin**“. Natierlech däerf och déi elo sou modern „Resilienz“ net fehlen...woubäi déi meescht emol net wëssen, wat dat wëllt heeschen. Dohannert stécht **dee primitiven Hank, datt et soll „besser“ ausgesinn**...mä „lächerlech“ ass nun emol, net besser.

Solle mir dat dann elo ënnert d'Kapitel 'Sprooch-Evolutioun' klasséieren, dee komouden Ausdröck, fir „Sproocharemséilegkeet“ ze verstoppen? Eng „Evolutioun“ gëtt et, wann eppes Neies muss ausgedréckt ginn, wéi z.B. e Mail, en SMS, en Handy, eng Elektro-Tanksail, de Sushi...do maache mir näischt futti, wou mir keen Ausdröck hunn...dat ass Evolutioun!

Et brauch een net watderdäiwel laang ze sichen, vu wou déi krommenoleg Evolutiounsbehaftung hierkënn: vun der Télévisioun, an haut vun de sougenannte „soziale Medien“. Wien haut nach vu „Fernseh“ schwätzt, verréit am Fong, watfir Programmen hien d'meescht kuckt...dobäi ass et ower zimlech lëschtteg, datt der esouguer op deenen däitschsproochege Programmen och alt ewell vun „Teevau“schwätzen. Wier et net méi einfach, wann och mir just „Tele“ giffe soen, da wier déi kleng Bier geschiet...an d'Griechescht hätt säi verdéngt Recht erëm.

Et gëtt ee klengen Troust fir dee Problem: Dir fannt a franséischen an däitschen Zeitungen e sëllegen Artikelen, déi sech mat deerselwechter „Evolutiounsmanie“ ofginn. Hir Sproochen hunn ower e ganz aneren Terrain a Méiglechkeeten, fir sech un déi Problematik ze ginn; do gëtt et eng Press a Literaturen, déi milliounefach Beispiller fir propper Sprooch offréieren, fir datt de „Volapück“ hir Sprooch net zevill soll ermélzen.


dää/dätsch

Wann eng Bier net méi grad knackeg ass, dann heescht et jo, si wier „dää“; dat wier dann am Däitsche „mürbe“; am Franséischen eventuell „farineux“, am Englesche „mellow“, wat zimlech op eist „mëll“ erauskënn. A mir? Mä **do si mir méi oder wéinstens grad esou räich wéi déi grouss Sproochen**: Do hu mir „dää“ fir eng Bier, ower och fir „mëll/dää“, an der Bier“. Ass ee midd, dann heescht dat bei äis jo och nach „dää/dätsch“...a **wat bei äis „mëll“ heescht, ass nach laang net mat deem Däitsche „milde“ ze verwiesselen**; do kommen da „weich/mürbe“ an d'Spill...dat Ganzt gëtt e schéint Gehoppels vun Iwwerlees, vrun allem ower e groussen OHO! Dat hätt een nawell net geduecht, gelldir.

Albert Camus: L'Étranger/De Friemen

Och Dausende vu Lëtzebuerger hunn sech mat deem weltbekannte Roman vum franséische Nobel-Präiss- Laureat an der Schoul „gehat“. Fir Franséisch ze léieren, ass de Camus zwar eng Goldgruuf; mä dat „Bannescht“ vun deem Buch, d'Philosophie an d'Charakteranalysen erlabt fir de „Schoulalter“ e ganze Koup Froen. Den ETRANGER ass nun emol keen einfache „Krimi“.

Datt dat Weltliteratur-Wierk elo och de Wee an eis Sprooch fonnt huet, ass vläicht eng gutt Ursach, fir DE FRIEMEN emol erëm op de Leescht ze huelen; si „packt“ dat, wann een se zerguttst „drop“ huet. D'Iwwersetzung vun der PESTE ass bei de Fachleit apaart gutt ukomm. Dann däerft déi (reservéiert) lëtzebuergesch Versioun vum ETRANGER iech an den nächste Woche vläicht och intresséieren.



vum Lex Roth



Aarm Sprooch?

Gewëss ass et net einfach, héich getrëppelt a speziell Gedanken an enger „klenger“ Sprooch ze bréngen. Do fällt ee souwisou ëmmer erëm an „Héichsproochen“. Mä just hei hu mir jo kee Krämpes, well d'Franséisch, dat Däitsch an d'Englesch duerch eis „Schoul-Poliglossie“ (Villsproochegkeet) bei eis „natierlech“ Sproochsituatioun gehéieren. Fir deen „normale“ Sproochgebrauch geet d'Lëtzebuergesch ower méi wéi duer...wann een et kann/kennt.

Probéiert emol – ëmgedrëint – eng Partie EISES an eng aner Sprooch ze setzen; da mierkt dir vläicht, datt eis Sprooch plazeweis esouguer méi „deck do“ ass wéi anerer; e puer Beispiller/Stuele gefälleg?

Hal se zou – knujel dat net – gëff dech elo – wat kniwwels/knätzels du do? – sief net esou knéckeg – brenz dech net – ech si gaschteg – dat ass e Gelungenen/Bossegen – jäiz/birel dach net sou – hal op – géi elo hannescht – maach dech net esou – ech hunn dat eragefeiert – dee krut déi aner erëm – et geet elo duer – haut ass et schmeier – et himmelliicht – et gëtt e Wieder – et kënn e Schluet – botz de Kullang – kruppseg Gromperkichelcher – e fuddelege Rack – ech hunn eng déck Bëls – rapp dee Roff net erof – hannerzeg fueren – rose ginn – eng Fatzeg halen,ëm sinn...

Déier a Gedéiesch

Et ass jo normal, **datt mir Ausdröck fir Déieren a Planzen hate/hunn, déi et zesoen nach ëmmer hei guff**. Leider verschwannen déi Nimm ëmmer méi an deem, wat falscherweis „Evolutioun“ vernannt gëtt. Zweek ganz bekannt Beispiller sinn de „Schmetterling“ an de „Maikäfer“, fir déi eis Sprooch ower all Kéier op d'mannst 3 eegen Nimm huet (?). Och d'Seejomes muss fir d'Ameis dru gleewen. Wéisou wësse vill Kanner net méi, wat en Heemel- oder **Himmelsdéierchen** ass? Vun enger **Eilichen** oder engem **Kauzekapp** geet zesoen och keng Ried méi...vläicht och, well d'Kanner deer klenger Baachen am Bësch keng méi gesinn. Eng **Mouk**, wat ass dat? Eng wéischt Fra? Geld, dat een op der Säit huet...richteg an typesch EISES; mä et ass och e (gräisslecht) Déier, dat säi spezielle lëtzebuergesch Numm mat der „Kröte“ verluer huet. „Libelle a libellule“ sinn zwéi schéiner Nimm...mä **Waasserjoffer** och! Hei kënn een dann och vläicht un eis „Jaddermunnes“ denken...ower wat ass dat, gelldir?

Fir eise „Sproochzenter (LSZ)“ hätte mir (nieft dem LOD) do och eng flott Aarbecht: Nieft hiren intressante Bichelcher mat **kéipweis „Lëtzebuerger Riedensaarten“, och kleng speziell Bliedercher mat eisen Nimm fir Déieren, Planzen, d'Wieder mat genësseg Illustratiounen** erauszeginn. Dës einfach Method vun de „Wuertfelder“ gëtt et an alle Sproochen; firwat soll dat net och am Lëtzebuergesch goen?



Och d'Seejomes muss an eiser Sprooch fir d'Ameis dru gleewen

Eis Sprooch um NOL?

Dir erënnert iech jo vläicht nach un **de Journalist Marc Thoma an seng genësseg „Këddelerien“ op der Télévisioun**. Am selwechte Sënn huet hien elo mat en etleche Kollegen eng TV-Fenster opgemaach: e kleng Programm, deen dir all Dënschdeg nei um „APART TV“ an dem GOOGLE fannt, an zwar op nol@nol.lu. Duerno kann een d'Emisiounen all Kéier egal watfir een Dag ukucken.

Eiser Sprooch guff e klengen Eckelchen offréiert. An deem profitéiere mir, fir iech e puer Minutten en etlech Gedanken iwwer a rondrem d'Lëtzebuergesch ze ginn.

chatten?

Natierlech komme **mat neie „Saachen“ och nei Wieder** op; haut d'meescht englesch Ausdröck, apaart wéinst der Elektronik. Mir schwätzen dann zimlech schlaue ower vun „SMS“ aplaz vu „short message“; de „mail“ huet sech ower och am Lëtzebuergesch duerchgesat, och wann een alt emol einfach vun engem „Bréif“ schwätze kann. De Fransousen hire „courriel“ als Ofkierzung vu „courrier électronique“ huet et och beihinne selwer net liicht, vrun allem wéinst der Silbenzuel, 3:1!

Gerode mir iwwer den Internet an e Gespréich, da geet rieds vun „chatten“, wat mir am Däitschen als „plaudern/schwätzen“ am Verhalt hunn; am Franséische heescht dat jo „jaser“...ower eis Sprooch huet dofir och genësseg Ausdröck: **jadderen, poteren, vläicht esouguer „tozen“**...an da sot emol d'Lëtzebuergesch wier „aarm“. Mir brauchen dat „chatten“ also net onbedéngt. ☺